



**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5999 vum 30. Mäerz 2022 vum honorabelen Députéierten Marc Georgen**

**Ad 1.:**

Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°5749 uginn sinn d'Police an de Minister fir bannenzeg Sécherheet beméit fir den ekologeschen Impakt vun der Police ze minimiséieren.

De Ministère fir bannenzeg Sécherheet huet aktuell just Plugin-Hybrid Autoen an d'Police esou wéi d'IGP gräifen zum Deel op d'« mobilité électrique » zeréck. De Ministère fir bannenzeg Sécherheet huet fir de Ministère, d'Police an d'IGP Folgend Investissementer an Elektro an Hybrid-Mobilitéit gemaach:

Kafjoer	Quantitéit	Investitioun
2017	6	160 000.00 €
2018	5	142 157.67 €
2019	5	192 995.52 €
2020	7	260 979.04 €
2021	7	192 418.60 €

**Ad 2. an 3.:**

Aktuell si nëmmen déi Gebailechkeete vun der Police mat Elektroboren équipéiert, deenen elektresch Gefierer zougedeelt gi sinn. Dëst évitéiert et ënnert anerem onnéideg Käschten ze verursaachen.

Bei all gréisser Renovatioun oder Neibau vu Gebaier, gëtt an enker Zesummenaarbecht mat de Partnerverwaltungen, notamment der Verwaltung fir öffentlech Bauten, versicht de Bau esou ze plangen, dass d'Infrastrukturen prett sinn, fir Elektroboren z'intégréieren.

Et ass aktuell net méiglech ee genauen Taux un zukünftigen Elektroboren ze nennen.

**Ad 4.:**

D'Flott vun der Police ëmfaasst an der Kategorie « Auto » aktuell 634 Gefierer:

EURO Norm	Unzuel Autoen
EURO-3	1
EURO-4	9
EURO-5a	61
EURO-5b	158
EURO-6	163
EURO-6d	133
EURO-6d-Temp	89
Keng EURO Norm, manner wéi 18kWh	14
Keng EURO Norm, méi wéi 18kWh	6
<b>Total:</b>	<b>634</b>

**Ad 5.:**

D'Differenz vum Duerchschnittsverbrauch tëscht de neie Police-Autoen an deenen déi se ersetzen beleeft sech op 0.8 l/100 km. Den CO2 Ausstouss gëtt an dësem Fall ëm ronn 11% reduzéiert.

Déi ganz Policeflott huet am Joer 2021 eng Mass vun 2 098 Tonnen CO2 produzéiert.

Lëtzebuerg, den 3. Mai 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX